N°243
Entrée le 21.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 243 vum 26. Januar 2024 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser.**

Zur Fro 1:

Momentan huet d'Lëtzebuerger Arméi esouwuel "Woodland" (Bësch) wéi och "Desert" (Wüst) Camouflage.

Well bei zukünftege Kleedungssystemer d'Unzuel vun de Kleedungsstécker an d'Luucht wäert goen, ass eng Léisung gesicht ginn, mat där evitéiert gëtt, dass all d'Elementer vum Kleedungsystem an 2 Faarwe kaf muss ginn. D'Léisung déi fonnt ginn ass, ass ee Camouflage, deen esouwuel fir "Desert" wéi och "Woodland" adaptéiert ass, de sougenannte "Multicam".

Zur Fro 2:

Um Drillécht wäert weiderhin de roude Léiw gedroe ginn an och "LUXEMBOURG" wäert weiderhin op der rietser Broscht stoe bleiwen.

Zur Fro 3:

Nee.

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes